



Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn (par M. Gusty Graas), Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Gérard Anzia (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini (par Mme Sam Tanson);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Ass d'Chamber och bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mer ginn zum nächste Projet iwwer, de Projet de loi 7194, d'Ëmsetzung vun enger Direktiv iwwert d'Transparenz op de Finanzements-operatione vu Wäertpabeieren. An de Festival André Bauler geet weider.

14. 7194 - Projet de loi portant mise en œuvre du règlement (UE) 2015/2365 du Parlement européen et du Conseil du 25 novembre 2015 relatif à la transparence des opérations de financement sur titres et de la réutilisation et modifiant le règlement (UE) n°648/2012, et portant modification:

1. de la loi modifiée du 17 décembre 2010 concernant les organismes de placement collectif;

2. de la loi modifiée du 12 juillet 2013 relative aux gestionnaires de fonds d'investissement alternatifs; et

3. de la loi modifiée du 7 décembre 2015 sur le secteur des assurances

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. André Bauler (DP), rapporteur.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, hei sinn ech erëm.

(Hilarité)

D'Finanzkris vun 2008 huet eng ganz Rei Lacunne vum internationale Finanzsystem un d'Licht bruecht. Dowéinst huet d'Europäesch Unioen zënterhier eng ganz Rei vu Moosnamen ugeholl, fir de Finanzsystem méi transparent a resilient, dat ass jo schonn de Mëtteg e puermol gesot ginn, ze maachen, vun deenen op dëser Plaz jo schonn eng Rëtsch ëmgesat goufen.

Eng weider Moosnam ass d'Reglement 2015/2365 iwwert d'Transparenz vun den „Opérations de financement sur titres et de la réutilisation“, wéi dat esou schéi formuléiert ass, deen de Gesetzesprojet 7194 an nationaalt Recht ëmsetzt. Dëse Règlement définiert nei Verpflichtungen fir déi Akteuren, déi mat de sougenannten „Opérations de financement sur titres“ handelen.

Ier ech op dës aginn, wollt ech fir d'Éischt präziséieren, wat „Opérations de financement sur titres“ oder op Däitsch „Wertpapierfinanzierungsgeschäfte“ eigentlech sinn. Grosso modo kann ech soen, dass dat Finanzproduit sinn, duerch déi grouss Firmen a Banke sech Suen op Finanzmäert kënne léine goen. Et kéint een esou Operationen am Fong mat enger Hypothék vergläichen, well een net just Sue geléint kritt, mä ëmmer am Géigenzuch Aktiva wéi Aktien oder Matière-premières als Sécherheet, also als Garantie gëtt.

Zwee Beispiller vun esou Operatione sinn, wéi déi Däitsch dat nennen, d'„Warenleihgeschäft“ an dann, wéi d'Engländer et soen, d'„buy-sell back“- an „sell-buy back“-Geschäfte. Dëst sinn natierlech keng laangfristeg Prëten. Et handelt sech villméi ëm Mëttel, fir kuerzfristeg u Liquiditéit ze kommen. Vu dass dës alternativ Finanzierungsméiglechkeeten net zum klassesche Bankesektor gehéieren an dowéinst och bis elo net esou staark reglementéiert gi sinn, ass och dacks rieds vun engem „Schattenbankensektor“, wéi déi Däitsch soen.

Tatsaach ass awer, dass eng Kris an deem Sektor och Konsequenzen op de Bankesektor an de Finanzsektor als Ganz kann hunn, a vu dass relativ komplex Verbindungen an deem Beräich kënnen entstoën, ass et wichteg, fir dës Operatione besser ze ërëmmen. Et si virun allem dräi Hauptverpflichtungen, déi agefouert ginn:

Éischtens: Fir all „Opérations de financement sur titres“ mussen eng Rei Informatiounen bei engem sougenannte Référentiel central ugi

ginn. Dat sinn Informatiounen wéi zum Beispill déi bedeelegt Akteuren, de Wäert, d'Währung, déi als Sécherheet benotzten Aktiva an hir Aart, hir Qualitéit an hire Wäert, den Datum vun der Echeance, den Taux, zu deem se kënnen erëmkaaft ginn an esou weider.

Zweetens: Déi, déi esou Operationen ubidden, mussen de Clienten déi néideg Informatiounen zur Verfügung stellen, fir kënnen de Risiko anzuschätzen, dee se aginn.

An drëtzens: D'Neesverwendung, d'Reutilisation, wéi esou schéi gesot gëtt, vu Finanzprodukten, also de Weiderverkaf un Drëttpersonen, gëtt méi genee encadréiert, mat dem Zil, och hei d'Clienten besser ze informéieren iwwert de Produit a seng Risiken. Och mussen d'Clienten ausdrécklech hiren Accord ginn.

De Règlement 2015/2365 gesäit net vir, dass een déi national kompetent Autoritéite muss designéieren, déi fir de Respekt vun den neie Regele suergen, dat heescht d'CSSF an de Commissariat aux assurances, well de Règlement sech op aner gesetzlech Texter bezitt, déi dës zwou Institutionen schonn als kompetent Autoritéit designéieren. Allerdéngs kréie se duerch de Gesetzesprojet d'Muecht, fir d'Sanktiounen auszuschwätzen.

Zu gudder Lescht ginn nach dräi aner Gesetzter punktuell modifizéiert, fir de Règlement vollstänneg ëmzesetzen. Et sinn dat dat ofgeännert Gesetz vum 17. Dezember 2010 iwwert d'OPCen, also d'Organismes de placement collectif. Dann ass et nach d'Gesetz vum 12. Juli 2013 iwwert d'Verwalter vun alternativen Investmentfongen; Dir erënnert lech, mir hate virun enger gewëssener Zäit dat Gesetz hei am Parlament. A schlussendlech dat ofgeännert Gesetz vum 7. Dezember 2015 iwwert de Versécherungssektor.

De Statsrot huet säin Avis de 24. Abrëll 2018 erausginn. Den Text vum Projet fënnt dann och d'Zoustëmmung vum Conseil d'État. Déi héich Kierperschaft huet awer e puer Bemerkungen ze formuléiere gehat, virun allem d'Sträiche vun engem iwwerflëssegen Artikel oder och nach d'Harmoniséierung vu verschiddenen Dispositione mat deene vun anere Gesetzgebungen, wat d'Formulatioun vun den Texter ugeet.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech soen lech nach eemol Merci fir d'No-lauchteren a ginn och nach eemol hei den Accord vun der DP-Fraktioun.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Den Här Laurent Mosar huet d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Jo, Här President, an och hei nach eng Kéier e Merci fir de Rapporteur an nach eng Kéier den Accord vun der CSV-Fraktioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Den Här Fayot huet d'Wuert.

► **M. Franz Fayot (LSAP).**- Jo, Merci. Ech schlësse mech deem un. Och e Merci nach eng Kéier un de Rapporteur an den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Text.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Madamm Loschetter, Dir hutt d'Wuert!

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).**- Ma eis geet et genau d'selwecht. Mir soe Merci dem Här Bauler a mir stëmmen dësem Projet zou.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Den Här Reding huet d'Wuert.

► **M. Roy Reding (ADR).**- Jo, all Respekt dem Kolleeg Bauler fir säi richtige Marathon, deen en haut de Mëtteg hei hileet! An ech bréngen och den Accord vun der ADR zu dësem Text.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Dann huet d'Wuert den Här Finanzminister.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Merci, Här President. Ech freeë mech iwwert déi breet Zoustëmmung. Ech géif gär dem André Bauler och felicitéieren an haaptsächlech och dofir, well en eis Beispiller ginn huet, firwat dës Instrumenter wichteg sinn. Déi gi gebraucht vun de Banken, fir sech ze refinanzéieren. A wann d'Banke sech net refinanzéiere kënnen, da fonctionnéiert de Weltwirtschaftssystem net méi. An dofir ass et wichteg, dass mer dat hei stëmmen. Ech freeë mech!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Da kënne mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet 7194 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7194 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss.

60-mol Jo. Domat ass de Projet de loi 7194 mat Unanimitéit ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Martine Mergen), Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Aselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par Mme Cécile Hemmen) et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn (par M. Gusty Graas), Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Gérard Anzia (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini (par Mme Sam Tanson);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mer géifen zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen, de Projet 7263 iwwert d'Association internationale de développement. An, keng Iwwerraschung: De Rapporteur ass den Här André Bauler!

15. 7263 - Projet de loi approuvant la participation du Grand-Duché de Luxembourg à la dix-huitième reconstitution des ressources de l'Association internationale de développement

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. André Bauler (DP), rapporteur.**- Merci nach eemol, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, zum Schluss géif ech dann awer nach méi en digestë Projet presentéieren. D'Association internationale de développement, kuerz AID, ass zesumme mat der Banque internationale pour la reconstruction et le développement Deel vun der Weltbank. Si gouf 1960 gegrënnt mat dem Zil, déi äermste Länner op der Welt bei hirer wirtschaftlecher a gesellschaftlecher Entwécklung finanziell ze ënnerstëtzen. An deem Sënn finanziert d'AID Projeten an de Beräicher Bildung, Gesondheet, Infrastruktur. Si ënnerstëtzt och d'Aktivitéiten, fir d'Gläichberechtigung vun de Geschlechter ze férdere, a Projeten, déi sech an de Kontext vum Kampf géint de Klimawandel aschreiwelassen.

Am Géigesaz zur Banque internationale pour la reconstruction et le développement vergëtt d'Association internationale de développement allerdéngs keng normal Prëten un d'Entwécklungslänner, mä entweder Donen oder Prëte mat niddregen Zënse. D'AID adresséiert sech also virun allem un déi Staten, deenen hir Bonitéit hinnen et net erméiglecht, normal Prëten op de Finanzmäert ze kréien.

D'AID ass hautdesdaags eng vun deene wichtigsten Institutionen, wann net déi wichtigst am Beräich vun de sougenannte Prëts concessions, also vergënschtegt Prëten. Besonnesch an eiser Zäit, an där déi international Instabilitéit erëm zouhëlt an an där mer mat neien Eerausforderungen konfrontéiert sinn, wéi de Klimawandel, wéi grouss Fluchtbewegungen an Afrika an an Asien, wéi d'Verbreedung vu sozialen a politesche Konflikter uechtert d'Welt, spillt dës Institution eng wichteg Roll, déi et absolutt néideg ass ze ënnerstëtzen.

Mam Gesetzesprojet 7263 gëtt déi Lëtzebuerger Bedeelegung un der 18. Rekonstitution vun der AID, hire finanzielle Ressourcen, sanktionéiert. Lëtzebuerg hat sech an deem Kader engagéiert, e Montant vu 56.450.000 Euro ze ginn. Dat ass e Plus vu 6 Milliounen am Verglach zur leschte Kéier.

Am Kontext vun der 18. Rekonstitution gouf ausserdem entscheet, dass d'AID zukünfteg op den internationale Finanzmäert däerf Sue léine goen, wat bis ewell net méiglech war. Op dës Manéier soll den Impakt vun der AID an hire Projekte vergréissert ginn. Och d'Zesummenaarbecht mat privaten Akteuren

am Kader vum Private Sector Window schreift sech an dës Iwwerleeung, an dës Strategie an.

De Statsrot hat a sengem Avis vum 24. Abrëll dës Joers keng Bemierkung an huet säin Accord zu dësem Gesetzesprojet ginn.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, eng leschte Kéier Merci fir Är Opmierksamkeet. An heimat ginn ech natierlech och den Accord vun der DP-Fraktioun.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Rapporteur. A schonns, wéi de Mëtteg gewinnt, huet den Här Mosar d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Jo, Merci fir dee leschten Akt vum Festival André Bauler. Nach eng Kéier en décke Merci an och hei brénge mir da fir d'Lescht fir de Mëtteg den Accord.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Den Här Fayot huet d'Wuert.

► **M. Franz Fayot (LSAP).**- Jo, nach eng Kéier och Merci dem André Bauler vun eiser Säit fir säin impressionnante Kraaftakt haut de Mëtteg an den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. D'Madamm Loschetter huet d'Wuert.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).**- Och mir soen dem Här Bauler eng leschte Kéier Merci fir haut a stëmmen deen heite Projet de loi och mat.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Den Här Kartheiser huet d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Villmools Merci, Här President. Mir diskutéieren hei iwwer 56.450.000 Euro. A mir hunn als ADR e kleng Problem domat, datt mer dat als Modèle de base net ganz vill kommentéiert hei sollen duerchwénken, well et ass vill driwwer ze soen. Den Här Bauler a senger exzellerter Introductioun, a sengem Rapport, huet eis jo scho ganz vill wichteg Elementer ginn. An ech mengen, et ass derwäert, driwwer nozedenken. Vill sozial Projeten hei am Land, déi mer awer net realiséieren, géife wäit männer Sue froe wéi déi Suen, déi hei am Abléck zur Diskussioun stinn! An ech mengen, dat weist nach eng Kéier, wéi wichteg et ass, datt mer eis iwwerleeën, wéi mer déi 56 Milliounen hei ausginn.

Et ass emol éischtens eng Méiglechkeet, fir Kreditter ze verdeelen, zu enger Zäit, wou d'Verschëldung vu ville Länner an der Drëtter Welt nees zouhëlt. Dat ass e Problem. Et muss een also och iwwerleeën: Firwat gëtt ee Kreditter? A mir hunn hei eng Situatioun, wou mer jo u sech all der Meenung sinn, datt e Kredit haaptsächlech soll en Investissement favoriséieren, wéi d'BIRD et mécht. An den Här Bauler huet dat jo och gesot: Et ass d'Banque internationale pour la reconstruction et le développement, déi u sech déi Funktioun iwwerhëlt, déi déi ekonomesch Vernonft am Kreditwiesen awer duerstellt.

Hei gi mer méi an de politesche Beräich an et kéint ee bal soen, méi an den ideologesche Beräich. An hei huet och den Här Bauler eis Beispiller gesot, soudatt een hei u sech d'Kreditter u Länner vergëtt, déi selwer net kredittwürdeg sinn no deene klassesche Kritären, fir u sech méi politesch Projeten ze realiséieren, wou se op anere Plaze keng Sue kéinte kréien. Dat muss een hannerfroen!

An dann ass och an deem Rapport ernimmt, datt déi Schold titriséiert gëtt. Bon, et gëtt hei och behaupt, dat wären AAA-Titren, déi hei da gehandelt ginn. Mä et muss een awer wëssen, datt dat hei Kreditter sinn, déi wahrscheinlech oder mat enger grousser Wahrscheinlechkeet net rembourséiert ginn! Dann ass et awer schwéier nozevollzéien, wéi ee ka vun AAA-Titre schwätzen, wéi eng Garantien dann do derhannertstinn, fir dat iwwerhaupt ze erméiglechen, well et sinn awer Titren, déi e Wäert representéieren, déi net oder zu engem Deel nëmmen rembourséiert ginn. Ech mengen, dat wësse mer.

D'Fro, déi mir eis och musse stellen: Gëtt dat op d'Entwécklungshëllef ugerechent hei am Land? Ech mengen, den Här Finanzminister kann eis dat ganz sécher soen, a wéi enger Form dat ugerechent gëtt. Et ass fir eis eng Selbstverständlechkeet, datt dat muss a vollem Ëmfang op eis Entwécklungshëllef ugerechent ginn.

An da muss een och wëssen - an dat ass eng Kritik, déi d'ADR bréngt -: Mir hunn en Defizit am zentrale Budget vun der Administration centrale vum Stat. Ech weess, den Här Finanz-



minister héiert dat net gären. E rechent och gär esou, als wär deen Defizit elo net esou präsent, mä en ass awer reell, en ass do. An an där Situatioun gi mer eng Lëtzebuurger Participatioun nach eng Kéier ëm sechs Milliounen hiewen.

Mir soen als ADR, datt een an esou Zäiten, wou een en Defizit huet, muss probéieren, deen Defizit ewechzekeréien an net Ausgaben nach an d’Luucht setzen, déi, wéi dës hei, vun héichpolitescher Natur sinn a wahrscheinlech och net der wirtschaftlecher Vernonft entspreichen, wahrscheinlech och emol net dem Interessi vun den Entwécklungslänner, deene jo awer am meeschten och gedéngt wär, wa mer besser Handelsbedéngunge géife schafen, déi hir laangfristeg Entwécklung géife favoriséieren. Ech sinn och iwwerzeegt, datt et net de fréieren Direkter vun der Chambre de Commerce ass, deen déi Theorie onbedéngt géif demen téieren.

Dann ass e leschte Kritikpunkt: Mir hunn als ADR ëmmer gesot, an all Beräich, wou mer international Verplichtungen hunn, datt mer mengen, datt mer als Lëtzebuerg sollten e proportionale Bäitrag bezuelen, net méi wéi déi aner, mä proportional zu eiser reeller Gréisst, zu eiser Wirtschaftsleeschtung, an dat ass hei net de Fall!

Ech kann lech hei Vergläichsdate gi vu räiche Länner, zum Beispill de Kuwait, dee bezilt dann 0,19% vun de Kontributiounen, Neiseeland 0,12%, Singapur 0,15%, d’Tierkei 0,08%, e Land vun iwwer 80 Milliounen Awunner, a Lëtzebuerg bezilt 0,2%! Et ass also erëm e wäit iwwerproportionale Bäitrag, dee mir leeschten. Dat ass eppes, wat mir als ADR konsequent kritiséieren. Mir soen: An den internationalen Organisatiounen solle mer e proportionale Bäitrag bezuelen an net eis pro Kapp ënnert déi alleréischte Kontributeure vun internationalen Organisatiounen stellen.

Ech kann also eng Ausnam haut maachen, ech muss eng Ausnam haut maachen. Wa mer och haut dem Här Bauler ëmmer gefollegt hunn a senge Recommandatiounen, wäerte mer als ADR dësé Projet awer net matstëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Roy Reding** (ADR).- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Den Här David Wagner huet d’Wuert.

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Merci, Här President. Fir unzefänke wéilt ech vläicht all déi Leit berouegen, déi mengen, datt mer als räich Länner duerch d’AID den Entwécklungslänner hëllef géifen an datt mer vläicht do einfach esou Milliounen duerch d’Fënster puche géifen.

D’AID gëtt oft esou presentéiert, an dat gouf jo och vum Rapporteur gemaach, wéi wann dat tatsächlech eng Organisation de bienfaisance wier. Et ass e bëssen esou, am Chrëschtentum ginn et zwou Schoulen och erëm eng Kéier: Et gëtt d’Häerz Jesu, déi Räich hëllefen deenen Äarmen an esou weider, an et gëtt déi aner, wou déi Aarm d’Peitsch huelen an d’Hypokriten aus dem Tempel erauspuchen. Ech hunn e klenge Faibel fir déi zweet Variant.

An ech géif gären drop zrëckkommen, wéi iwwerhaupt d’AID historesch entstanen ass. Nom Krich, nom Zweete Weltkrich hunn déi Entwécklungslänner, déi jo am Prinzip ni op déi entwéckelt Industrielänner waarden, well se wëssen, datt se vun eis näischt ze kréien hunn, op jidde Fall net gratis, eng Initiativ gegrënnt, „The Special United Nations Fund for Economic Development“. Dat war net innerhalb vun der Weltbank, mä innerhalb vun der UNO, wat natierlech ganz aneschters funktionéiert, well do goug et ëm de Prinzip vun „one country, one vote“. An do hu sech d’Entwécklungslänner zesummedoen, fir e Fong ze schafen a fir do deemtsprichend Projeten ze schafen, déi si géifen interesséieren.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Awer dunn hunn déi industrialiséiert Länner gemengt: Dat doten, dat gefällt, an dat doten, dat ka jo net demokratesch sinn, „one country, one vote“! Kommt, mir maachen elo d’AID, wou et natierlech no ganz anere Regele funktionéiert, nom Proporz, nom Zensus u sech: jee méi räich, desto méi kann ee matbestëmmen.

An et ass jo och net ouni Interesse geschitt, well zum Beispill d’Amerikaner, déi si jo ganz interesséiert gewiescht. An de fofzeger Joren hu si immens vill net konvertibel Devisen aus Entwécklungslänner kumuléiert, well se hinnen hire Surplus agricole verkaaft haten. An do hu se sech missen iwwerleeën: Ma wéi kënnen mer déi net konvertibel Devisen vum Entwécklungslänner erëm eng Kéier investéieren an den Entwécklungslänner, andeems déi Entwécklungslänner duerno kënnen de Surplus agricole vun den industrialiséierte Länner ofkafen? Dat ass dat, wat am Hannergrond ass vun där Association internationale de développement. Et ass näischt, wat wierklech do ass, fir deene Länner ze hëllefen. Si wëssen dat jo och, wéi esou oft.

Den Eugene Black, also den éischte President vun der World Bank, dee sot et selwer, datt d’AID do geschafe gi wier, fir déi aner Initiativ vun den Entwécklungslänner ze blockéieren.

Dofir, déi, déi mengen, mir géifen do eppes ganz Feines maache fir d’Entwécklungslänner, déi kënnen sech berouegen. Keng Angscht, dat

ass net de Fall! Déi Lescht, déi dovunner wäerte profitéieren, sinn d’Entwécklungslänner! An dofir wäerte mer och net derfir stëmmen, esou wéi deemools.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och. An de Finanzminister huet d’Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Merci, Här President. Jo, ech menge mat ville vun lech, dass dat hei e wichtege Projet de loi ass, wa mer hei 56,45 Milliounen Euro fir déi nächst acht Joer fir d’AID decidéieren. Dat sinn effektiv 6 Milliounen méi wéi dat, wat am viregte Programme pluriannuel virgesi war. An domat ka Lëtzebuerg senge Responsabilitéite gerecht ginn. Am Prozentsaz kontribuéiere mir, no den Zifferen, déi ech hunn, zu 0,18% vun der Enveloppe globale vun der AID, an net 0,2%, wéi gesot ginn ass, a leien domat do, wou déi meescht entwéckelt Länner leien. Et sinn am Ganzen 52 Länner, déi hei kontribuéieren, an d’Beneficiairlänner sinn der 75.

Déi Länner, déi hei kënnen dovunner benefiséieren, müssen zwee Kritären erfëllen: Éischstens musse se e Revenu vu manner wéi 1.185 Dollar pro Kapp hunn. Et muss ee sech jo virstellen, dat si ganz aarm Länner an et si Länner, déi keen Accès hu regelméisseg op de Marché financier.

Ech freeë mech, hei kënnen ze ënnersträichen, dass d’Chambre de Commerce dësé Projet de loi voll approuvéiert! D’Chambre de Commerce schéngt also eng Séil ze hunn. Mä dat wousst ech scho laang.

(Hilarité et interruptions)

Op jidde Fall méi wéi déi, déi hei géint de Projet de loi stëmmen!

Ech kann och déi, déi dergéint stëmmen, berouegen: Déi Kontributioun, déi mer hei maache vu 56 Milliounen iwwer eng Rëtsch Joren, déi gëtt natierlech voll ugerechent un eis Kontributioun fir d’Aide au développement. Ech géif och net verstoen, firwat dat net kéint de Fall sinn. Dat ass evidemment de Fall! A mir sinn, mengen ech, zu ganz vill hei houg, dass Lëtzebuerg eent vun deenen dräi eenzege Länner ass op der Welt, déi 1% Entwécklungshëllef maache par rapport zu hirem Räichtum.

An dat maache mer zu engem groussen Deel iwwert de Ministère de la Coopération, mä awer och iwwert de Finanzministère. An de Ratio ass ongeféier: 15% vun eiser Entwécklungshëllef gëtt iwwert de Finanzministère gemaach, zu engem ganz groussen Deel iwwer eis Kontri-

butiounen iwwer international Finanzorganisatiounen wéi déi hei.

Ech freeë mech mat lech, dass Lëtzebuerg dës Ennerstëtzung fir d’AID ka maachen.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Da kënnen mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet 7263 iwwergeroen.

Vote sur l’ensemble du projet de loi 7263 et dispense du second vote constitutionnel

An d’Ofstëmmung fänkt direkt un. Fir d’Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d’Procuratiounen. An d’Ofstëmmung ass elo eriwwer.

55-mol Jo, 5-mol Neen. Domat ass de Projet de loi 7263 ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Nancy Arendt), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Claude Wiseler), Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall’Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Yves Cruchten) et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn (par M. Gusty Graas), Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Lex Delles);

MM. Gérard Anzia (par Mme Josée Lorsché), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini (par Mme Viviane Loschetter).

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.


Ass d’Chamber bereet, d’Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

Mir sinn um Enn vun eiser Sëtzung ukomm. Rendez-vous muer de Mëtten um zwou Auer.

(Fin de la séance publique à 19.04 heures)



Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- M. Mars Di Bartolomeo, *Président*

2. 7072 - Projet de loi portant

1. institution d’un service de médiation au maintien, à l’inclusion et à l’intégration scolaires de l’Éducation nationale,

2. modification de la loi modifiée du 6 février 2009 relative à l’obligation scolaire,

3. modification de la loi modifiée du 9 décembre 2005 déterminant les conditions et modalités de nomination de certains fonctionnaires occupant des fonctions dirigeantes dans les administrations et services de l’État,

4. modification de la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d’avancement des fonctionnaires de l’État

- Rapport de la Commission de l’Éducation nationale, de l’Enfance et de la Jeunesse: M. Claude Lamberty

- Discussion générale: Mme Françoise Hetto-Gaasch, M. Georges Engel, Mme Josée Lorsché, M. Fernand Kartheiser, M. David Wagner

- Prise de position du Gouvernement: M. Claude Meisch, *Ministre de l’Éducation nationale, de l’Enfance et de la Jeunesse*

- Vote sur l’ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

3. 7048 - Projet de loi concernant la protection de la nature et des ressources naturelles et modifiant

1° la loi modifiée du 31 mai 1999 portant institution d’un fonds pour la protection de l’environnement;

2° la loi modifiée du 5 juin 2009 portant création de l’Administration de la nature et des forêts;

3° la loi modifiée du 3 août 2005 concernant le partenariat entre les syndicats de communes et l’État et la restructuration de la démarche scientifique en matière de protection de la nature et des ressources naturelles

- Rapport de la Commission de l’Environnement: M. Henri Kox

- Discussion générale: M. Laurent Zeimet, Mme Cécile Hemmen, M. Gérard Anzia, M. Max Hahn, M. Roy Reding (interventions de M. André Bauler et Mme Martine Hansen), M. David Wagner, Mme Martine Hansen (dépôt d’une motion) (interventions de M. Gast Gibéryen, Mme Viviane Loschetter et M. Roy Reding)

- Prise de position du Gouvernement: M. Camille Gira, *Secrétaire d’État au Développement durable et aux Infrastructures* (intervention de Mme Martine Hansen) (séance publique levée suite à un malaise de M. le Secrétaire d’État Camille Gira)

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Claude Meisch, *Ministre*; M. Camille Gira, *Secrétaire d’État*.

(Début de la séance publique à 14.04 heures)